



MAISON DU GRAND-DUC

Biografie vum Prënz Félix

De Prënz Félix ass den 3. Juni 1984 an der *Maternité Grande-Duchesse Charlotte* zu Lëtzebuerg op d'Welt komm. De Prënz Félix Léopold Marie Guillaume, Prince de Luxembourg, Prince de Nassau et de Bourbon-Parme ass dat zweet Kand vum Grand-Duc Henri an der Grande-Duchesse Maria Teresa. Seng Bridder a Schwëstere sinn:

- de Prënz Guillaume, Ierfgroussherzog,
- de Prënz Louis,
- d'Prinzessin Alexandra,
- de Prënz Sébastien.

De Prënz Félix ass no sengem Urgrousspapp, dem Prënz Félix de Bourbon-Parme benannt. Hien ass den Drëtten an der Trounfolleg.

Am Dezember 2012 huet de Maréchalat de la Cour d'Verlabung vum Prënz Félix an dem Claire Lademacher ugekënnegt. D'Hochzäit war den 21. September 2013 an der *Basilique de Sainte Marie-Madeleine de Saint-Maximin-la-Sainte-Baume* a Frankräich. Zanterdeem dréit d'Claire Lademacher den Titel Prinzessin Claire vu Lëtzebuerg, Prinzessin vun Nassau.

De Prënz Félix an d'Prinzessin Claire sinn Eltere vun engem Meedchen an engem Jong. D'Prinzessin Amalia Gabriela Maria Teresa ass de 15. Juni 2014 an der *Maternité Grande-Duchesse Charlotte* zu Lëtzebuerg gebuer an de Prënz Liam Henri Hartmut ass den 28. November 2016 an der *Clinique Générale-Beaulieu* zu Genf op d'Welt komm.



MAISON DU GRAND-DUC

Ausbildung a professionnel Aktivitéiten

No der Primärschoul zu Luerenzweiler ass de Prënz Félix fir d'éischt an *d'Ecole privée Notre-Dame Saine-Sophie* an dono an *d'American School of Luxembourg* gaangen. Vun 1998 un war hien am schwäizeresche *Collège Alpin Beau Soleil* zu Villars-sur-Ollon, wou hien och seng spéider Fra Claire Lademacher kennegeléiert huet. 2003 krut hien do säin Ofschlossdiplom mat "Mention". Duerno huet hien eng Ausbildung op der *Royal Military Academy* zu Sandhurst an England ugefang, déi hien awer aus medizinesche Grënn huet missen ofbriechen.

De Prënz Félix huet eng Partie Stagen a verschiddenen Entreprises gemaach, éier hien vun 2005 bis 2009 am Departement vum Marketing an der Éffentlechkeetsaarbecht vun enger Schwäizer Firma, déi op sportlech a kulturell Evenementer spezialiséiert ass, geschafft huet.

De Prënz Félix decidéiert duerno erëm studéieren ze goen an hien hëllt dofir fir d'éischt Intensivcoursen am Italieneschen zu Mailand. No engem Bachelor an der Bio-Ethik op der Universitét *Regina Apostolorum* zu Roum schléisst hie seng Studien am Joer 2013 mat engem Master of.

Zanter Oktober 2013 geréiert hien, zesumme mat senger Fra, der Prinzessin Claire, den Domaine viticole vum *Château les Crostes* zu Lorgues am Süde vu Frankräich. Ausserdeem presidéiert de Prënz Félix zanter 2016 d'Associatioun *Lorgues Terre de Vins*, eng Genossenschaft vun 12 Wënzer vu Lorgues, déi sech zum Zil gesat hunn, hir Gemeng zu engem Virreider an der Wäiproduktioun an am Tourismus an der Provence ze maachen. De Prënz Félix an d'Prinzessin Claire hunn 2016 mat enger Koppel Frënn zesummen d'Sociétéit "*Young Empire*" gegrënnt, déi op Kleeder, Miwwel an Dekoratioune fir Kanner spezialiséiert ass. Als Entrepreneur begleet de Prënz Félix eng sëllege Start-ups mat guddem Rot, an investéiert och an déi, déi hien am meeschten interesséieren.



MAISON DU GRAND-DUC

Nieft dem Lëtzebuergesch schwätzt de Prënz Félix fléissend Franséisch, Englesch, Däitsch, Italienesch an och e bësse Spuenesch.

Offiziell Aktivitéiten

De Prënz Félix ass reegelméisseg bei den Aktivitéite vun der groussherzoglecher Famill dobäi. Wa säi Kalenner him et erlaabt, hält hien Deel u verschiddenen Aktivitéiten an Zeremonië wéi Nationalfeierdag oder der Schlusspräsessioun vun der Oktav. Wa säi Brudder, den Ierfgroussherzog, verhënnert ass, vertritt de Prënz Félix hien, wéi zum Beispill bei der feierlecher Iwwerrechung vun den *Diplômes de Maîtrise* an den *Diplômes de la Promotion du Travail* vun der Handwierkerkummer am Joer 2019, oder bei der feierlecher Iwwerrechung vun de *Certificats de la Promotion du Travail* vun der Handelskummer am Joer 2020. Geleeëntlech hält hie mat senger Fra un aneren Aktivitéiten, wéi dem Internationale Basar vum Roude Kräiz vu Lëtzebuerg, deel.

De Prënz Félix huet 2013 den Haut Patronage vun der *Association sportive parachutiste Cercle Para Luxembourg/Fédération aéronautique luxembourgeoise (FAL)* ugeholl.

Begeeschtert vu Basketball, huet hien 2005 och den Haut Patronage vun der Lëtzebuurger Basketballfederatioun (FLBB) iwwerholl. Hie probéiert reegelméisseg Basketballmatcher zu Lëtzebuerg kucken ze goen.

Well hien och am Wäibausecteur schafft, ënnerstëtzt de Prënz Félix vun Zäit zu Zäit déi Lëtzebuurger Wënzer duerch seng Presenz op Festivitéiten. Sou war hien ënner anerem op der Séance académique vum 50. Jubiläum vun der Wënzergenossenschaft "Vinsmoselle" am Joer 2016 oder 2018 op der Hunnefeier zu Schengen, déi traditionell um Ofschloss vun der Wäilies ofgehale gëtt.



MAISON DU GRAND-DUC

De Prënz huet de Rang vum "Chevalier" am *Ordre du Lion d'Or de la Maison de Nassau*.

Interessen a Fräizäit

A senger Jugend war de Prënz Félix Member vun de Scouten.

Fënnef Joer hannertenee war de Prënz Félix "beschten Athlet" vum *Collège Alpin Beau Soleil*. Hie spillt regelméisseg Tennis a Golf an interesséiert sech fir Fallschiermsprangen, Kite-surfing a Waasserschi. Zanter senger Kandheet ass de Prënz begeeschtert vum Wintersport an hien ass en exzellente Schifuerer.

No Statiounen zu Roum an zu Genf lieft de Prënz Félix zanter 2018 mat senger Famill zu Frankfurt.